ChaosMeeting 2019/07

Date	25/03/2019
Time	19:30
Location	ChaosStuff
Location Opening	~18:00
Administrative Council Attendees:	virii, metalgamer, deflenken
Minutes Recording	deflenken

Agenda

- Social Events – deflenken
- Finanzen & Funding – deflenken & metalgamer
- Internet – deflenken
- Mini Maker Faire – deflenken
- 72h Bénévolat – deflenken
- Internetseit fir't Entente – deflenken
- Siège social – deflenken
- Aktiven Dateschutz A.S.B.L. – deflenken
- Feedback Demo – deflenken
- Luxexpats – deflenken
- Status FreiFunk GW fantawams

Minutes

Social Events

Mir beliewen erem Aktiviteiten wei SparkUp etc am beschten soll dat Samschdes gemach ginn. D'Idee komm och op fir CryptoPartyen. Den metalgamer schleit fir 1x am Mount een Event ze maan.

Finanzen

Bei der Iwwersicht am Wiki aka Member alles wat vum Club soll bezuelt ginn muss durch den RT (Funding Qu) ausser d'Spaco dei dürf d'Iessen an Gedrenks esou kaafen.

Internet

Nodeems mir der VO ugeruf hun an d'Post net wees wou hieren Postkapp ass rufen mer der VO erem un.

Mini Maker Faire

D'Formulaire ausfellen huet den metalgamer gemach. D'Game of life huelen mer och mat. Den fantawams huet een Doodle ronderem gescheckt fir kennen un den Projeten dei mer mathuelen ze schaffen. Mir kaafen nach 1xLockpingset an nach vllt een puer Spannstockschrauf. Mir huelen dem metalgamer sein 3Ddrucker mat an dem orimpe sein Eggbott mat. Den metalgamer kemmert sech em Memberskaarten fir dei matzehuelen.

72h Bénévolat

Dat geet nemei gemach souweit mer dat gesinn hunn...

Internetsait fir't Entente

Mir machen hinn eng eng Websait am beschten Wordpress. Mir erklären hinnen och wei alles geet. Virdruner mellt den metalgamer sech bei hinnen an mecht mat hinnen een RDV Meindes aus. Et kennt awer neicht op eisen Server. Sie mussen een Server lounen.

Siège social

Op der AG vun der Entente vun de Veräiner goufen mer informeiert dass mir eisen Siege social net dürfen am Gebai vun der Gemeng hunn. Den deflenken freet VDL wei dat geet wann mir eisen Siege social nemei an der Staat hun op mir dann awer nach Subsiden kreien. Wann jo dann machen mer eng EGA an schloen fir dass eis nei Siege Social adress beim metalgamer ass. Wann net dann mussen mer eis een RDV mat der Gemeng froen.

Aktiven Datenschutz A.S.B.L.

Den deflenken mellt sech bei hinnen op sie interesseiert wieren eng Keier Meindes hei lanscht ze kommen.

Feedback Demo

Piratepartei well eng Feedbackversammlung ofhaalen. Mir kritiseieren d'Streck, sie hätten sollen eisen Megaphone huelen amplatz hieren mega schlechten Mikro, naichstekeirr soll virdruner festgehaalen ginn wenn bradelt. naichste Keier eng besser Auerzeit wielen fir Versammlungen ofzehaalen an eng mei neutral Platz.

Luxexpats

Den metalgamer schreift hinnen.

Status FreiFunk GW

Den metalgamer an den Thomas kuken mam George weinst dem ganzen Projet.

Reckblëck: RCSL ass ugefroht weinst der Ännerung vum Sekretärposten. D'Spaco war akaafen.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:chaosmeetings:2019:cm-2019-07&rev=1553544521

Last update: **2019/03/25 21:08**